DE FREIE LETZEBURGER

# ONS HEMECHT

LPL

OFFICIELLT ORGAN VUN DER LPL

Verantwortleche Redacter: Déngens Dömmy. Drock a Verlag: 57, Pietresboulevard, Lötzeburg.
Ennert dem Protectorat vum Gauleiter an dem Häuptling vum Mouvement
Direct Verbindong o'ni Drot mat London, New York, Moscau, Tschungking.

C.W.O.II BG 192 C.2.G.M.

N° 31 — So' secher we' ons Bierger wénken / Könnt d' Freihêtssonn èn Dag ons blénken — 8.Februar 1943

## 23te Januar — Lötzeburgescht Nationalfest

We' an den anere Krichsjoren hûet och dest Jor onst Nationalfest net gefeiert dûerfen ze gin. So' wollten et ons "Protektoren von Hitlers Gnaden". Keng Klacken hu gelaud, kê feierlechen TE DEUM an der Nikloskirech, keng ro'd, weiss, blo Fîendel an de Strossen, kê freien Dag fir ons Beamten a Scho'lkanner. An engem Wûert : Neischt vun all dénen traditionellen Feierlechkêten vu virum Krich.

An dach hu mir all am Stölle gefeiert, gidferên op seng Mane'er . Sîele wore bestömmt de' Familjen, de' net fir dèn Dag e Kirmesîesse gemacht an e pûer gudder Fläsche Muselwein op den Dösch brûecht haten. Sîele woren de', de' net fir e pûer Stonnen de verstoppte Portrait vun onser Gro'ssherzogin Charlotte op seng E'ereplâtz gehangen haten. Sîele woren och de', de' net a Gedanken bei onser gro'ssherzoglecher Familje woren a vun Hîerze bedauert hun, onser le'wer Gro'ssherzogin, we' fre'er, hir Loyalite't dûroh eng begêschtert Manifestatio'n ze beweisen. D'Hîerzer vun alle Lötzeburger, heihêm an an der Frîemd, hu warm geschlon fir ons Gro'ssherzogin Charlotte, de Symbol vun onser Freihêt an Onofhängegkêt.

Wat ons all getre'scht hûet ass, dat no dem lötzeburger Programm vun Amerika vum 21/1 d'Allie'ert BBC (Home Service) zu London sech den 22/1 dûrch eng Extra-Emissio'n un onst Volléк gerîcht hûet fir der Welt den Heroïsmus an de Widderstandsgêscht vun de Lötzeburger ze weisen, a mir haten net O'ere genug dém sche'ne Programm nozelauschteren. De Programm hûet ugefangen mat der "Hêmecht", onst le'wt Nationallidd dât mir all lûes matgesong hun. Dûerno ko'm en Hommage un onst Land, an dém de Widderstandsgêscht vun onsem Vollék, dât klengst vun allen allie'erten, dât net gezéckt hûet de Preisen fir de' ons opgezwongen "Dienstpflicht" mat engem Generalstreik ze äntweren, den e'schte Streik a besate Lênner. E se'er intressante Radio-Montage hûet dorop gefollegt. En hûet sech zesûeme gesat aus :

1. Engem Besuch vun der Gestapo bei der Mme PETIT zu Berdûerf. D'Gestapo ass komm fir hire Jong Raymond ze arrete'eren. Dem Raymond, dè sech verstoppt hat, ass et gegléckt 2 Preisen z'ersche'ssen an, we' e gesin hûet dat seng Sach verlûer wor, hûet e seng Pabeiere verbrannt , de Schapp ugestach a sech selwer erschoss.
2. Arbechterrot fir d'Arbecht nidderzeléen.
Den ADAM göt de Signal dûrch d'Sirene vun der De'ferdénger Schmelz an all Maschine bleiwe stoen. (Et wor net zu De'ferdéng,ma zu Schöffléng).
Ons Eisebunnerten folgen dem Exempel vun de Schmelzarbechter,an d'Zich bleiwe stoen.
Den ADAM göt vun de Preise gerîcht.
3. Eng lötzeburgesch Familjen göt arrete'ert fir deporte'ert ze gin.

Dûerno ko'm en Hommage vun Engeland un d'lötzeburger Vollék a fir ofzeschle'ssen go'f de "God save the King" gespillt.

Den Dag drop, 23te Januar, hûet de Minister BECH um Radio d'Wûert geholl. Den Här BECH hûet e pûer Wîerder un ons Gro'ssherzogin gerîcht an ervirgehûewen, dat Hir aus der ganzer Welt Zêchen vun der Bewonnerong zo' si gangen de', iwer Sie, un onst Vollék gerîcht sin, dât heihêm d'Nazityrannei muss iwer sech goe lossen. Den Här BECH hûet ons och ze wösse

gedon, dat ons Gro'ssherzogin an ons Regierong net handle können we' sie wöllen (alles ass virgesin fir op internationalem Wé geregelt ze gin) ma dat sie gîer informe'ert wiren iwer alles wat heihêm virgêt fir den allie'erte Regierongen, de' èn Dag d'Bilanz vum Krich opzestellen hun, dât ne'degt Beweismaterial ze önnerbrêden. Dûerno hûet den Här BECH ons matgedêlt, dat de Prönz JANG d'Lötzeburger an den allie'erten Arme'en represente'ert. Am Jor 1942, sot hîen, hate mir gehofft de Preiss ze schlon, am Jor 1943 si mir es do'dacher.

No engem kûrzen Iwerbléck iwer d'Situatio'n rifft den Här BECH ons zo' : Lötzeburger, losst de Mutt net falen, d'Höllef ass önnerwé.

Dat d'Lötzeburger an allen vun de Preisen net besate Länner onst Nationalfest wirdeg gefeiert hun, dorun zweiwele mir net. Ower och heihêm we' an alle besate Länner hun ons Patrioten drop gehalen der Traditio'n trei ze bleiwen a sie hu gefeiert eso' gutt we' et gong. So' wösse mir z.B. dat den 23/1 "irgendwo'" eng Möss gelîes ass gin zu E'eren vun onser Gro'ssherzogin Charlotte. An d'Uergel hûet hell op d'Hêmecht ugestömmt. Mir wössen och vun enger aner Plâtz, wo' dât selwegt passe'ert ass. Dat de' Mössen nömme vun enger klenger Zûel echte Patriote besicht woren ka kê verwonneren, well eso' kriddelech Sachen dûerf èn de Nazien net op d'Nûes hänken. Op d'Zûel ko'm et am Fong ûer net un, de geste ass d'Haptsach.

Den 23/1 hu Membere vun der L.P.L., eso' bal et ugefang hûet deischter ze gin, sech an alle Stîed an Dierfer we' Gêschter dûrch d'Strosse geschlach fir Tracten, vun déne mir îech en Exemplar beiléen, önner d'Vollék ze verdêlen.

A leschter Minutt dêlt è vun onse Correspondenten ons mat, dat e Grupp vu lötzeburger Patrioten "irgendwo'" de Geburtsdag vun onser Gro'ssherzogin an onst Nationalfest mat engem gudde "Banquet" gefeiert hun. Onse Correspondent, dèn d'Gléck hat op dât Iessen ageluêden ze gin an dè sech net fle'we geloss hûet ze accepte'eren, frét sech haut nach we' et miglech wor, an desen Zeiten eso'vill an eso' gutt Sachen opzedöschen. Et wor, sét hîen, kên Armerleidsîessen, kên Treipen- a kên Kuddelflecksîessen, ma e richtege "Banquet", we' èn a Friddenszeiten net besser konnt fannen. A fir ons all d'Wâsser an de Mond ze dreiwen, hûet hîen ons de MENU mat ageschéckt. Ons Lîeser mussen, we' mir selwer, dermat zefridde sin, de MENU ze ... lîesen :

Crême Charlotte
Heivun an dovun
Paschte't Ro'de Le'w
Hëmmelsgigot vun der Sauer mat Bo'nen a Fritten
Beforter Quetschentart
Moka ro'd, weiss a blo
Lötzeburger Schlutjen (vu virum Krich)

Eso' weit d'Iessen. Natirlech gehe'ert bei eso' eng .... Frîess (we' mir soen) och e gudden Dronk. Dûerfir wor och gesûergt, de Weissen an de Ro'den sin iwer den Dösch gelaf, an net ze knapps. Net ze vergîessen ass och, dat mat engem gudden "Apéro" den Ufank, a mat enger "Fine extra" d'Enn gemacht ass gin. Mir wöllen nach drop hiweisen, dat de ganze MENU "markenfrei" erageluêgt ass gin.

Dat d'Stömmong net ze wönschen iwreg geloss hûet beweist schon, dat all de' glécklech E'sser ere'scht öm 6 Auer vunenaner si gangen, nodém sie aus voller Broscht a mat warmem Hîerz d'"Hêmecht" gesong hun.

Dât nennt è feieren. Dât nennt è Patrioten.

---

Lîest a verbrêd "De Freie Lötzeburger"

---

--- Lötzeburg, mat preiseschen Ae gesin ---

Wat hun d'Preisen, zönter de Krich, net allerlé iwer Lötzeburg geschriwen ? Vill Guddes op alle Fall net. We' hätt et anescht könne sin ? Sie musse jo hirem Vollék klormachen, firwat sie onst Land besat hun a besat wöllen halen :

1. Well ons Sprôch deitsch ass, mir vun deitschem Blutt sin.
2. Well mir, als neitralt Land, onse Flichten net no si komm.
3. Well mir fre'er u weider neischt gedûecht hun we' un onse Mo an u Ple-se'er, we'neg Steieren ze bezûelen a kê Militärdéngscht brauchen ze man.
4. Well sie, als "Reichsdeutsche", net können zo'lossen dat mir , als "Volksdeutsche", ons hire verréckten nationalsozialisteschen Ideen net wöllen upassen.

a.s.w. a.s.w.

Mir lötzeburger Klatzkäpp hun de Preisen de Bass gehalen a kên Drock a keng Strof, so' hart sie och wiren, können ons derzo' verlêden dè bis elo befollegte Wé ze verlossen. Kê geseit et besser an we' d'Preise selwer an dât ass wat hire preisesche Mo net ka verdauen. Eng Zeidong no dèr aner bréngt Artikelen iwer onst Vollék an onst Land, ower keng wir eso' kéng ze behapten, sie hätten ons elo endlech möll gemacht.

An engem "LUXEMBURG" getitelte Buch, dât e gewösse Paul Hermann RUTH d'viregt Jor geschriwen hûet, an dât 1942 beim F.Hirt zu Breslau gedréckt

Belgian War Press

ass gin, wöllt och dese Nazipreiss sei Kërche beiléen a versichen dem preisesche Vollék anzetrîchteren dat fir ons Lötzeburger, op mir et wöllen oder net, nömmen eng Le'song bestêt : Heim ins Reich .

Mir brengen fech hei e pûer intressant Passagen fir fech eng Idee ze gin, a wat fir engem Gêscht sei Buch geschriwen ass :

Seit 3. Die politischen Ideale einer stolzen Vergangenheit wurden weggeworfen. Statt dessen wurden die Aufrechterhaltung eines hohen Lebensstandards, die Zahlung möglichst geringer Steuern und das Nichtvorhandensein von Pflichten dem Staate gegenüber als Idealzustand gepriesen.

Seit 4. So befand sich denn 1939 das kleine Luxemburg in der Ausgabe von Hetzparolen gegen den Nationalsozialismus an der Spitze aller westeuropäischen Staaten. Es übertraf dabei in dem Fehlen auch nur einer einzigen objektiven Zeitungsstimme selbst die Niederlande und die Schweiz.

........ Ganz anders in Luxemburg. Dort gab es keinerlei Erinnerungen an irgend ein Zusammengehen mit dem Reiche oder gar einen gemeinsam durchkämpften Krieg, an gemeinsam durchlebtes Leid oder an gemeinschaftlich ertragene Sorgen. ..........

Seit 6. Es versteht sich von selbst, dass auf dem Gebiete der Wirtschaft alle Massnahmen von dem Grundsatz diktiert wareb, der Bevölkerung den Weg ins Reich zu erleichtern und den früher ungewöhnlich hohen Lebensstandard nicht mehr als dringend notwendig zu senken.

Seit 63. Nachdem sich schon beim Einmarsch zahlreiche Reichsdeutsche den Truppen als Wegeführer zur Verfügung gestellt hatten ............

We' dir gesitt ass neischt vernole'ssegt gin d'preisescht Vollék dervun ze iwerzêgen, we' ne'deg a gerecht eng Annexio'n vu Lötzeburg un Deitschland ass. Mir wöllen ower net vergfessen op dè leschte Passage (Seit 63) hinzeweisen. Hei gestêt de P.H.RUTH selwer an, dass sich schon beim Einmarsch (10.5.40) zahlreiche Reichsdeutsche den Truppen als Wegeführer zur Verfügung gestellt hatten. Hate mir net Recht ömmer ze behapten d'Preisen hätte virum Krich an allen Ecke vun onsem Land Spio'ne sötze gehûet ? Wat hei an am Ausland iwer de' famo's 5.Colonne geschriwen ass gin, woren also keng Séchercher.

P.H.RUTH, wann den Dag vun der Ofrechnong könnt (an dèn ass net me weit), da ruffe mir dech als Zeien op .

---

Helleft dem "Freie Lötzeburger" an dir helleft fech selwer

---

Spenden                Spenden                Spenden

Hûet ons Nazipress an de leschte Me'nt net vill Tam Tam gemacht iwer d'Generosite't vun onsem Vollék, a besonnesch iwer de' vun den Escher? Sie hätt de' Escher gfer an den Himmel gehûewen a gidfer Geléenhêt go'f benotzt d'Knéckerten drop hinzeweisen, dem gudde Beispill vum Minettsbaséng ze folgen. Mûencher Escher wärd sech drop gesot hun : Wann de' aner Leid manner gin we' ech, da sin ech eng domm Lo'der. An d'Resultat wor, dat hîen zönterhîer me' knéckeg ass gin.

Dât konnt de Kreisleiter vun Esch natirlech net zo'lossen well wann, we' hîe sét, all Spenden och "freiwölleg" sin, ass gidfer Familjen dach force'ert e Minimum ze bezûelen, dèn am Verhältnes zo' hirer Situatio'n stêt. Mir brengen fech hei e Bre'f, dèn de Kreisleiter un d'Escher Vollék gerîcht hûet a vun dém hîe sech de' ne'deg Reaktio'n erward hûet :

Der Kreisleiter                                                Esch/Alzig, den 30.12.42.

Die Bevölkerung des Kreises Esch hat bei vielen Gelegenheiten ihre Spendenfreudigkeit unter Beweis gestellt. Bei den Opfersonntagen und Reichsstrassensammlungen für das Winterhilfswerk bleiben jedoch die Spenden des Kreises Esch um über die Hälfte gegenüber anderen Kreisen des Gaues Moselland zurück. Ich rufe daher die Bevölkerung des Kreises auf, auch bei diesen Sammlungen die Spendenfreudigkeit zu beweisen und anderen Kreisen gleich zu spenden.

Für den Opfersonntag am 10.1.1943 und die späteren Sammlungen des WHW errechnen die Ortsgruppen der VdB entsprechend den Spenden anderer Kreise für jede Familie den Spendenmindestbeitrag. Ich bitte Sie daher, zu einem echten und erkennbaren Opfer bereit zu sein und Ihre Spende freiwillig auf einen Betrag von ...... RM. aufzubauen und von diesem Betrag aus bei allen künftigen Sammlungen entsprechend Ihren Verhältnissen Steigerungen vorzunehmen. Die Sammler, die am 10.1.43 bei Ihnen vorsprechen, werden um diese Spende bitten.

Die einmalige geschichtliche Grösse dieser Zeit verlangt auch von jedem Luxemburger Volksgenossen besondere Opfer. Auch die Luxemburger Heimat muss versuchen, es denen gleich zu tun, die mit ihrem Leben unser Blut und unsern Boden schützen.

H E I L   H I T L E R
(Ennerschrîft)

So'weit mirinforme'ert sin hun de' Häre Sammler (entschöllegt, mir hate bal geschriwe "Sabbeler") kê Geld ugeholl vun dénen, de' dè vun der VdB festgesate Beidrag net bezûele wollten an hinne matgedêlt sie kre'che.

vun der "Kreisleitung" Beschêd. D'Folleg dervu wor, dat de' mêschte Leid nogin an de "Spendenmindestbeitrag" bezûelt hun, aus Angscht ..... umgesiedelt ze gin.

Auf den Bretterzäunen, Wänden
liest man : Spenden, spenden, spenden.
Nur wer spendet freudig, viel,
bringt uns rascher an das Ziel.
Am Vollék ower he'ert der :
Mûer bake mer .

---

Kên dûerf "De Freie Lötzeburger" zerreissen, verbrennen,
nömmen de' e weidergin kann è "Patriote" nennen.

---

U.S.A. Dollar  Englescht Pond  Reichsmark

Et vergêt net eng Woch o'ni dat d'Preisen an der enger oder dèr aner Zeidong en Artikel brèngen iwer de Kurs vum U.S.A.Dollar a vum englesche Pond. No hinnen ass keng Devise op der Welt de' me' fällt we' de' amerikanesch an de' englesch, keng de' sech besser hällt we' d'Reichsmark. Wûerfir all dè Quatsch ? Wûerfir all de' Propaganda ? Well sie wössen dat kê Mönsch op der Welt, eso'gûer d'preisescht Vollék selwer nach dât mannste Vertrauen an d'Mark hûet. De' deitsch finanziell, ekonomesch a militäresch Situatio'n vun haut dre't bestömmt net derzo' bei d'Reichsmark op hirem fictive Wert ze stabilise'eren. Mir wössen all, dat et net de force'erte Kurs an Deitschland an an de besate Länner ass, dèn den To'n ugöt, ma de Kurs an de neitrale Länner. Fir fech opzeklären gi mir fech hei d'Cotatio'nen vun der Reichsmark an der Schweiz, vum August 1939 bis Enn November 1942.

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| August | 1939 | ..................................... | 100 RM | = 55 sFr. |
| Septemb. | " | Engeland deklare'ert Deitschl. de Krich ... | " | = 52 " |
| Dezember | " | Engeland a Frankreich greifen net un ...... | " | = 60 " |
| Januar | 1940 | D'Englänner bombarde'eren Berlin an aner deitsch Stîed ............................. | " | = 48 " |
| Mai | " | Holland leit op de Kne'en ................ | " | = 71 " |
| Mai | " | Frankreich leit op de Kne'en ............ | " | = 88 " |
| Juni | " | D'Englänner verlossen Dunkerque .......... | " | = 96 " |
| Septemb. | " | Schlâcht bei Dakar ....................... | " | = 80 " |
| November | " | D'Englänner kriche weider ................ | " | = 56 " |
| Januar | 1941 | D'Englänner hûele Benghazi ............... | " | = 47 " |
| März | " | D'Preisen iwerrennen de Balkan ........... | " | = 60 " |
| Juni | " | D'Preise greife Russland un .............. | " | = 44 " |
| August | " | D'Russe gi Kiew op ....................... | " | = 49 " |
| Dezember | " | Deitschland deklare'ert Amerika de Krich .. | " | = 30 " |
| März | 1942 | D'Japaner besetze Burma .................. | " | = 42 " |
| Mai | " | Dem Hitler seng Fre'jorsoffensive ausgesat. | " | = 32 " |
| Juni | " | 1000 englesch Avion'n bombarde'ere Köln ... | " | = 22 " |
| Juli | " | D'Preise fale me' de'w e Russland an ...... | " | = 33 " |
| Septemb. | " | Stalingrad hällt ......................... | " | = 31 " |
| November | " | D'Englänner verdreiwen de Rommel aus Aegypt. | " | = 15 " |

Zönter den November 1942 hûet sech mûeneches passe'ert, wat de Kurs vun der Mark net dêt an d'Lûcht gon (Nordafrika vun den Amerikaner besat-D'Preisen an d'Italiener aus Tripolitanien verdriwen-D'Preisen vun de Russen iwer 500 Km zréckgeheit). We' d'preisesch Mark haut an der Schweiz cote'ert ass wösse mir net ganz genô, ower mir wetten dat 100 RM. net me' we' 5 schweizer Frang wert sin. Nach e pûer eso' Röpperste'ss vun de Russen, a sie fällt op Null.

Lötzeburger, macht fech mat Zeiten èrer Reichsmark lass wann dir net, we' nom leschte Krich, èr Kûemeren dermat wöllt tapeze'eren.

An engem Jôr fir eng Miljo'n
Reichsmak kritt dir mol net .... eng Be'n.

---

Wann 't dir am Liewe schlecht ergêt
da kuck rondem dech all dât Lêd,
a secher wärds de dir geston :
Mei Kreiz ass dach me' lîcht ze dron.  (Domy Schlechter)

---

--- Bre'fkäscht ---
(Vu Geld ass agangen)

Vulkan an Archimède : 1000 Fr.
E schlechte Preiss : 200 Fr.
Un Belge qui est de tout coeur avec les Luxembourgeois :100 Fr.
Sprôchrates : 100 Fr.
De Sche'fer vun Asselbur : 20 Fr.
O.T. : 500 Fr.
Un bon Français : 125 Fr.
Papschossel : 100 Fr.
Lux 28 : 100 Fr.
Wichsbîscht : 45 Fr.

(Villmols merci).